**Annonce publique/Öffentliche Bekanntmachung:**
06 mai 2025/06. Mai 2025

**Présents/*Anwesend* :**
Marco Bermes, Bourgmestre/*Bürgermeister* ;
Michel Majerus, Bob Ries, Échevins/*Schöffen*
Edith Jeitz, Tommy Urbing, Piet Van Luijk,
João Gomes De Jesus, Stéphanie Colbett,
conseillers/*Räte* ;
Daniel Erpelding, Secrétaire/*Sekretär*

**Absences excusées/*Abwesend entschuldigt* :**
/

**Convocation des conseillers/Einberufung der Ratsmitglieder:**
06 mai 2025/06. Mai 2025

**Fonctionnaires/*Beamte*** : Kim Fink, Mike Schmit

**Experts/*Experten* :** /

**Presse :** /

**Auditeurs/*Zuhörer*** : 2

Öffentliche Sitzung vom 13. Mai 2025

# Séance publique du 13 mai 2025

## ORDRE DU JOUR

En séance publique :

**Administration générale**

1. Approbation de l'état des restants 2024
2. Approbation des titres de recettes 2024
3. Approbation des titres de recettes 2025
4. Approbation de la convention pour l'année 2025 avec l'Office Social Régional de Beaufort
5. Approbation de concessions aux cimetières

**Circulation**

6. Confirmation d'un règlement temporaire concernant la réglementation de la circulation dans la Rue de Berdorf et la Rue Melicksheck à Consdorf
7. Confirmation d'un règlement temporaire concernant la réglementation de la circulation dans la Rue de Colbette à Colbette
8. Confirmation d'un règlement temporaire concernant la réglementation de la circulation dans la Rue d'Altrier et dans la Rue de Colbette à Colbette
9. Confirmation d'un règlement temporaire concernant la réglementation de la circulation dans le Rue Melicksheck à Consdorf

**Commissions et délégations**

10. Acceptation de la démission d'un membre de la commission du jumelage
11. Acceptation de la démission d'un membre de la commission de marketing et de la communication

## *TAGESORDNUNG*

*Öffentliche Sitzung:*

***Allgemeine Verwaltung***

1. *Genehmigung des Rückstandsberichts 2024*
2. *Genehmigung der Einnahmetitel 2024*
3. *Genehmigung der Einnahmetitel 2025*
4. *Genehmigung der Vereinbarung für das Jahr 2025 mit dem Office Social Régional de Beaufort.*
5. *Genehmigung von Friedhofskonzessionen*

***Verkehr***

6. *Bestätigung einer zeitweiligen Verordnung zur Regelung des Verkehrs in der Rue de Berdorf und der Rue Melicksheck in Consdorf.*
7. *Bestätigung einer zeitweiligen Verordnung zur Regelung des Verkehrs in der Rue de Colbette in Colbette*
8. *Bestätigung einer zeitweiligen Verordnung zur Regelung des Verkehrs in der Rue d'Altrier und der Rue de Colbette in Colbette.*
9. *Bestätigung einer befristeten Verordnung zur Regelung des Verkehrs in der Rue Melicksheck in Consdorf.*

***Ausschüsse und Delegationen***

10. *Annahme des Rücktritts eines Mitglieds der Partnerschaftskommission.*
11. *Annahme des Rücktritts eines Mitglieds der Kommission für Marketing und Kommunikation.*

**Circulation**

12. Confirmation d'un règlement temporaire concernant la réglementation de la circulation dans la Route d'Echternach à Consdorf

**Collège des bourgmestre et échevins**

13. Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins

***Verkehr***

*12. Bestätigung einer befristeten Verordnung zur Regelung des Verkehrs auf der Route d'Echternach in Consdorf.*

**Schöffenrat**

*13. Fragen der Mitglieder des Gemeinderats an den Schöffenrat*

## Début de la séance / *Beginn der Sitzung*

9:00 heures / Uhr

**Tous les points sont approuvés à l'unanimité des voix.**

Séance publique

**1. Approbation de l'état des restants 2024**

Le conseil communal, :

- admet le montant total des restants à recouvrer, s'élevant à 71.330,84 €, correspondant aux créances non encore encaissées par la commune ;
- accorde au receveur communal une décharge pour un montant de 2.791,25 €, représentant les créances devenues irrécouvrables ou définitivement perdues, conformément aux justifications fournies ;
- autorise le Collège des bourgmestre et échevins à entreprendre les démarches judiciaires appropriées afin de recouvrer les créances figurant à l'état des restants avec la mention "à poursuivre", pour un montant total de 71.330,84 €.

**2. Approbation des titres de recettes 2024**

Le conseil communal arrête les titres de recettes de l'exercice 2024 au montant de 97.390,09 €.

**3. Approbation des titres de recettes 2025**

Le conseil communal arrête les titres de recettes de l'exercice 2025 au montant de 2.570.258,75 €.

**4. Approbation de la convention pour l'année 2025 avec l'Office Social Régional de Beaufort**

Le conseil communal approuve la convention 2025 conclue en date du 29 janvier 2025 entre la Ministre de la Famille et de l'Intégration, l'Office Social commun de Bech, Beaufort, Berdorf, Consdorf et Reisdorf et les collèges échevinaux des communes de Bech, Beaufort, Berdorf, Consdorf et Reisdorf.

**5. Approbation de concessions aux cimetières**

Le conseil communal approuve les contrats de concession repris dans le tableau ci-après :

Liste des contrats relatifs aux transcriptions de concessions funéraires

| Cimetière | N° tombe | Rangée | Fin concession |
|---|---|---|---|
| Scheidgen | 46 | 7 | 26.03.2029 |
| Consdorf | 240 | 30 | 09.07.2044 |

**Alle Punkte wurden einstimmig angenommen.**

Öffentliche Sitzung

***1. Genehmigung des Rückstandsberichts***

*Der Gemeinderat,:*

- erkennt den Gesamtbetrag der noch einzuziehenden Rückstände in Höhe von 71.330,84 € an, der den von der Gemeinde bislang nicht eingezogenen Forderungen entspricht;
- gewährt dem Gemeindeeinnehmer eine Entlastung in Höhe von 2.791,25 € für Forderungen, die als uneinbringlich oder endgültig verloren gelten, gemäß den vorgelegten Begründungen;
- ermächtigt den Schöffenrat, die entsprechenden gerichtlichen Schritte zur Eintreibung der Forderungen einzuleiten, die in der Restantenliste mit dem Vermerk „zu verfolgen" aufgeführt sind, in einer Gesamthöhe von 71.330,84 €.

***2. Genehmigung der Einnahmetitel 2024***

*Der Gemeinderat beschließt die Einnahmetitel für das Haushaltsjahr 2024 in Höhe von 97.390,09 €.*

***3. Genehmigung der Einnahmetitel 2025***

*Der Gemeinderat beschließt die Einnahmetitel für das Haushaltsjahr 2025 in Höhe von 2.570.258,75 €.*

***4. Genehmigung der Vereinbarung für das Jahr 2025 mit dem Regionalen Sozialamt Beaufort***

*Der Gemeinderat genehmigt die am 29. Januar 2025 abgeschlossene Vereinbarung für das Jahr 2025 zwischen der Ministerin für Familie und Integration, dem Gemeinsamen Sozialamt von Bech, Beaufort, Berdorf, Consdorf und Reisdorf sowie den Schöffenräten der Gemeinden Bech, Beaufort, Berdorf, Consdorf und Reisdorf.*

***5. Genehmigung von Friedhofskonzessionen***

*Der Gemeinderat genehmigt die im nachstehenden Verzeichnis aufgeführten Konzessionsverträge:*

Liste des contrats relatifs aux renouvellements de concessions funéraires

| Cimetière | N° tombe | Rangée | Durée (ans) | Fin contrat |
|---|---|---|---|---|
| Scheidgen | 1 | 1 | 30 | 16.02.2055 |
| Consdorf | 240 | 30 | 09.07.2044 | |

Liste des contrats relatifs aux octrois de nouvelles concessions funéraires

| Cimetière | N° Tombe | Rangée | Durée (ans) | Fin contrat |
|---|---|---|---|---|
| Scheidgen | 21 | 2 | 30 | 14.03.2055 |
| Consdorf | 240 | 30 | 09.07.2044 | |

**6. Règlement temporaire concernant la réglementation de la circulation dans la Rue de Berdorf et la Rue Melicksheck à Consdorf**

Le conseil communal arrête le règlement temporaire de circulation pris par le collège des bourgmestre et échevins en sa séance du 11 avril 2025.

**7. Règlement temporaire concernant la réglementation de la circulation dans la Rue de Colbette à Colbette**

Le conseil communal arrête le règlement temporaire de circulation pris par le collège des bourgmestre et échevins en sa séance du 25 avril 2025.

**8. Règlement temporaire concernant la réglementation de la circulation dans la Rue d'Altrier et dans la Rue de Colbette à Colbette**

Le conseil communal arrête le règlement temporaire de circulation pris par le collège des bourgmestre et échevins en sa séance du 06 mai 2025.

**9. Règlement temporaire concernant la réglementation de la circulation dans le Rue Melicksheck à Consdorf**

Le conseil communal arrête le règlement temporaire de circulation pris par le collège des bourgmestre et échevins en sa séance du 06 mai 2025.

**10. Acceptation de la démission d'un membre de la commission consultative du jumelage**

Le conseil communal prend acte et accepte la démission de Monsieur Pierre Wagner en tant que membre de la commission consultative du jumelage.

**11. Acceptation de la démission d'un membre de la commission du marketing et de la communication**

Le conseil communal prend acte et accepte la démission de Madame Monique Mergen en tant que membre de la commission consultative du marketing et de la communication.

**12.Confirmation d'un règlement temporaire concernant la réglementation de la circulation dans la Route d'Echternach à Consdorf**

Le conseil communal arrête le règlement temporaire de circulation pris par le collège des bourgmestre et échevins en sa séance du 08 mai 2025.

***6. Temporäre Verkehrsregelung in der Rue de Berdorf und der Rue Melicksheck in Consdorf***

*Der Gemeinderat genehmigt die vom Schöffenrat in seiner Sitzung vom 11. April 2025 beschlossene temporäre Verkehrsregelung.*

***7. Temporäre Verkehrsregelung in der Rue de Colbette in Colbette***

*Der Gemeinderat genehmigt die vom Schöffenrat in seiner Sitzung vom 25. April 2025 beschlossene temporäre Verkehrsregelung.*

***8. Temporäre Verkehrsregelung in der Rue d'Altrier und der Rue de Colbette in Colbette***

*Der Gemeinderat genehmigt die vom Schöffenrat in seiner Sitzung vom 06. Mai 2025 beschlossene temporäre Verkehrsregelung.*

***9. Temporäre Verkehrsregelung in der Rue Melicksheck in Consdorf***

*Der Gemeinderat genehmigt die vom Schöffenrat in seiner Sitzung vom 06. Mai 2025 beschlossene temporäre Verkehrsregelung.*

***10. Annahme des Rücktritts eines Mitglieds der Partnerschafts-kommission***

*Der Gemeinderat nimmt den Rücktritt von Herrn Pierre Wagner als Mitglied der Partnerschaftskommission zur Kenntnis und akzeptiert diesen.*

***11. Annahme des Rücktritts eines Mitglieds der Kommission für Marketing und Kommunikation***

*Der Gemeinderat nimmt den Rücktritt von Frau Monique Mergen als Mitglied der beratenden Kommission für Marketing und Kommunikation zur Kenntnis und akzeptiert diesen.*

***12. Bestätigung einer temporären Verkehrsregelung auf der Route d'Echternach in Consdorf***

*Der Gemeinderat genehmigt die vom Schöffenrat in seiner Sitzung vom 08. Mai 2025 beschlossene temporäre Verkehrsregelung.*

***13. Fragen der Mitglieder des Gemeinderates an den Schöffenrat***

*Während der Sitzung des Gemeinderates werden mündliche Fragen an den Schöffenrat gestellt.*

*Die Fragen werden gemäß Artikel 4 – Fragen seitens der Ratsmitglieder der Geschäftsordnung des Gemeinderates vom 1. August 2023 behandelt.*

**13. Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins**

Questions orales au collège des bourgmestre et échevins lors de la séance du conseil communal

Les questions seront traitées conformément à l'article 4 - Questions émanant des conseillers du règlement intérieur du conseil communal du 1 août 2023

**Conseillère Jeitz:**

**Fro 1 :**

Méng ischt Fro geht em den Syndikat vum SIGRE.

Mir wössen joj all, dassen mir alles, wat ob den Recycling Center ob Jonglënster geht ,iisen Citoyeeën nët können verrechnen. Mir missten kästendroend sinn, Philosophie soll sinn: Polluеur-Payeur!

Mir hun tëschend 2017-2023 regelméisseg am SIGRE nogefrot, wini dass dann elo éng Léisung giff kommen, fir als Gemeng kästendroënd ze ginn. Dat sinn vill Suen die an iiser Gemengenkees fehlen. Gött do weiderhin drun geschaftft, gött do virun hei an,s do nogefrot? Wini könnt éng Aennerung. Am aneren Fall muss d'Gemeng éng Léisung fir sech fannen. Den SIDEC huet die Léisugnen die mir bréichten. Ech stellen just fest, dass d'Jähren verginn an mir kruten nach ëmmer näischt Neies proposéiert, resp. ech ginn näischt gewuer!

Den zweeten Deel vun ménger Fro.

Iis Betrieber hei an der Gemeng dirfen nët mat hieren Camionetten ob Lënster an den Recycling-Center!

Dat ass do nët acceptéiert, sie mussen ob Fluesweiler. Och Sie bezuelen hei Steieren, an ginn villen Lëtt éng Arbecht, bezuelen hiren impôt commercial hei. An dann schwëtzen mer schuns guer nët vum Zeitverloscht an och dem ekologeschen Aspekt.

Dat ass en Syndikat vum Mich Majerus. Méng Fro,: gött do virun nogefrot, ass do ëppes um Laafen?

**® Schäfferot :**

1) Den SIGRE ass net de Recyclingzenter Lënster a mir kënne just beim SIGRE mam Offall käschtendeckend sinn.

De Recyclingzenter Lënster ënnerläit aktuell net dem käschtendeckenden Pollueur-Payeur-Prinzip. Mat dem SIDEC, de "Syndicat Intercommunal pour la Gestion des Déchets du Nord et du Centre" huet eis Gemeng näischt ze doen.

2) Mir haten am Gemengebuet een Opruff gemaacht , dass Léit net mat klenge Quantitéite sollen an de Recyclingzenter op Lënster fueren. Doduerch huet d'Gemeng iwwert 10.000€ manner ze bezuelen! An dem Kontext soe mir jidderengem Merci, deen dozou bäigedroen huet. Weider esou!

Tëscht 2017 an 2023 hu bal all d'Ostgemengen d'Offallreglement ëmgesat. Konsdref ass lo no bilaterale Gespréicher mat den Nopeschgemengen och endlech op dem Wee. Deemnächst ginn déi schwaarz Poubellë gechippt. Duerno kënnt eng Testphase vu puer Méint . Wann et dann esouwäit ass, wäert dozou och eng Informatiounsversammlung ofgehale ginn.

Eis Nopeschgemenge sinn all mat op de Wee gaangen, fir den Offall um Recycling Center ze weien, dat heescht, et kënnt mam neie Projet eng Wo dohin, fir z.B. de Bauschutt ze weien. Mir ware mat den Nopeschgemengen den SIDEC kucken an hunn eis vun do e puer Iddie matgeholl. Awer hire System kënnt fir eis net a Fro wëll mir déi Plaz net hunn .

3) Wann Betriber d'Konditiounen erfëlle, da kënnen si natierlech alles deponéiere wat de Recyclingszenter zu Jonglënster unhellt. Vu que, dass Lënster ee klenge Recyclingzenter ass, kann ënnert Ëmstänn net alles do ugeholl ginn. Aus dem Grond muss een dann op d'SIGRE Deponie "Muertendall" op Fluessweller fueren.

Edith wann s du sou Froen hues, da kanns de dat och déi betreffend Leit gären perséinlech froen.

**Fro 2 :**

Am Februar vun dësem Jähr huet hei an iiser Gemeng missten éng Famill vun 7 Persounn relogéiert ginn. Dat ass en Devoir vun der Gemeng. Die Noutwunnéng die mir haten, hunn mir jo nët mi, do sëtzen jo elo 2 Persounen aus dem Service Technique,. Ech wär ganz an guer nët d'accord fir déi Noutwunnéng ob ze ginn, mir können elo keen vun iisen Matbierger logéieren, wann emol ëppes geschitt, sief ët Feier, Waasser oder soss éng Katastrophe. Ech hunn mussen ferm an t'Flilekken klappen fir dass dêss Persounen nët ob den Camping gesat ginn sinn, an éng Wunnéng die schuns lang am Viraus réservéiert wär, schuns unbezuelt wär, an wat fir den Camping vill Problemer geschaf hätt. Ech wöll drunn erënneren, dassen mir en 4 Stären Camping hunn,an dat ob keen Fall dirfen ob t'Spill setzen. Wann esou Situatiounen kommen, muss een éng Endléisung sichen an kéng Zwëschenléisung.

Et ass kéng Obligatioun als Gemeng éng Noutwunnéng mussen ze hunn, awer ët ass enorm berouhegend.

Wie ech am Schäfferot wär, haten mir en puermol Persounen an iiser Noutwunnéng logéiert, Sie hunn nët mussen an éng aner Gemeng goen.

Huet d'Gemeng éng Alternative wann sech nach eenmol esou en Fall présentéiert?

**® Schäfferot :**

Et ass schéin, dass du dir den Defien, virun deenen eis Gemeng geleeëntlech steet, esou bewosst bass. Deng Récksiichtsnahm op eisen Tourismus erschéngt awer zimmlech schäinhelleg, wann een deng Vergaangenheet als Buergermeeschtesch be-

denkt an der s du duerchaus bereet waars eisen deemools eenzege modernen Hotel mat 100 Flüchtlingen ze fëllen. Awer komm mir bleiwe sachlech.
Wéi s du festgestallt hues, gëtt d'Wunneng am Paschtoueschhaus opgrond vun der Ëmstrukturéierung vun eisem "Service Urbanisme" a "Service Bâtiment" anerwäerteg genotzt. Eis Kapazitéite sënn begrenzt an dat aktuellt Gemengegebai platzt aus allen Néit. Et wier also ineffizient, eng potentiell Noutwunneng einfach eidel stoen ze loossen. Och zu denger Zäit war déi sougenannten "Noutwunneng" fest bewunnt well se nämlech der Croix Rouge iwwert eng länger Zäit gratis zur Verfügung gestallt gouf.

De Relogement vun der siwekäppeger Famill war een enorme Challenge fir eis Administratioun. Duerch een intensiven Asaz a Kooperatioun mat lokale Partner konnt schnell eng Léisung fonnt ginn, déi fir all Bedeelegt akzeptabel war. Op dësem Wee wëlle mir als Schäfferot dovunner profitéieren alle Léit, déi zum Gelénge bäigedroen hunn, e grousse Merci auszeschwätzen. Dat war eng super Aarbecht! De Camping war eng vu villen Optiounen. Déi betreffend Famill war fir d'éischt zu Iechternach an der Jugendherberge ënnerbruecht an duerno am Hotel Bon Repos um Scheedgen.

Mir sënn eis bewosst, datt eng Noutwunneng fir eng Gemeng berouegend wier. Trotzdeem musse mir eis mat der Realitéit an eise Ressourcen arrangéieren an op Flexibilitéit a Kooperatioun setzen. Eis Partnerschaften erméiglechen et eis och an Zukunft weider ugemiessen op esou Virfäll ze reagéieren. Esou Defien erfuerdere praktikabel a keng theoretesch Léisungen. Des Weidere schafft d'Gemeng un engem Projet betreffs Noutwunneng, déi dann och natierlech och als Noutwunneng benotzt ginn.

**Fro 3 :**
Jumelage Nazaré: Den Jumelage Nazaré, /Consdorf ass 2017 ënnerschriwwen ginn, ob Initiative vum Marco Bermes. Den Marco huet 6 Jähr do gewunnt an huet och Famill do, Mir hunn éng grouss Populatioun Portugiesen an iiser Gemeng.
Elo wär jo éng délégatioun erof gefuehr fir no Jähren mol nees sech ze gesinn. Ech froen dech, Marco Bermes, firwat hues du all die Jähren wou's du Conseiller wärs, awer och glat näischt fir den Jumelage gemach. All Jähr haten mir Budget agesat fir den Jumelage!!!!!
Well's du näischt gemach hues, huet Gemeng Nazaré 2018 en neien Jumelage mat Capbreton gemach, den ass den 22.09.2018 ënnerschriwwen ginn. 9 Jähr hues du lanst goen geloos, 9 wertvoll Jähren, die Nazaré awer och guer näischt bruecht hunn.
Ech méngen Marco Bermes, denen meesten Lëtt hei an iiser Gemen, och iiser Portugiesecher Communautéit, ginn lues mais awer sëcher d'Aan ob.

**® Schäfferot :**
Vir ewech direkt zwou Richtegstellungen: weder huet de Marco Bermes 6 Joer zu Nazaré gewunnt, nach huet hie Famill dohannen. Dëst am Géigesaz zu engem anere Member aus dem Gemengerot.

D'Zäit an der s du Buergermeeschtesch waars war effektiv ee Challenge fir de Marco Bermes, als Gemengeconseiller ouni ausräichend Ënnerstëtzung vum deemolege Schäfferot de Jumelage proaktiv ze gestalten. Dëst war kengesfalls dem Desinteresse geschëllt, mä villméi der feelender institutioneller Réckendeckung. An engem Gremium hänkt de Succès vun esou Initiativen entscheedend dovun der matgedroener Ënnerstëtzung of.

Mir an eiser jëtzeger Roll als Schäfferot freeën eis matdeelen ze kënnen, datt mir de Jumelage mat der Stad Nazaré erfollegräich reaktivéiere konnten. Deslescht huet eng Delegatioun eis Partnerstad besicht fir eis Relatiounen nei ze beliewen a konkret Projeten ze plangen, déi eisen zwou Gemenge vun Notze sënn. Dobäi ass den Interêt an d'Abanne vun eiser portugisescher Communautéit vu wichteger Bedeitung an eng wäertvoll Ressource, déi mir intensiv mat abezéie wëllen.

Des Weidere sief betount, datt d'Gemeng Nazaré mat 11 Gemenge jumeléiert ass, notamment och Konsdref. Zum Schluss nach e grousse Merci eisem Tourismusminister, dem Här Lex Delles fir seng wäertvoll Ënnerstëtzung betreffs der Reaktivéierung vun eisem Jumelage.

**Fro 4 :**
Potercafé
Mir hunn an iiser Gemeng 38 Nationalitéiten. Mir hun tëschend 2017-2023 regelméisseg Potercaféën organiséiert, mat der Integratiounskommissioun. Déi Owender wären ëmmer gudd besicht, ët wär fir all Nationlitéit en Dësch do, an et sinn gudd Gespréicher gefouert ginn, Firwat gött et dëss Zesummenkommen nët mi? . Schon en puermol sinn ech heizou gefrot ginn!
Ass hei ëppes an Zukunft virgesinn!

**® Schäfferot :**
Wéi dir sécherlech bekannt ass, gouf d'Integratiounskommissioun duerch d'Kommissioun vum Vivre-Ensemble ersat, an der s du, wuel aus eegenem Antrieb, kee Member bass. Et steet dir natierlech fräi däin Uleies direkt un d'Kommissioun ze riichte fir konstruktiv u Léisunge matzewierken, statt leedeglech de Mangel vu bestëmmte Manifestatiounen ze kritiséieren. Doriwwer raus wëlle mir dech drop hiweisen, datt d'Kommissioun vum Vivre-Ensemble Ënnerstëtzung erhält, ënnert anerem duerch Coaches am Kader vun engem neie Projet, de vum Naturpark a Kollaboratioun mam Familljeministère entwéckelt gouf. Dëse Projet gëtt a mëttelfristeger Zukunft ëmgesat a soll den interkulturellen Echange weider férderen.

Vläit wier et ganz erfrëschend, manner energieopwendeg Reklamatioune géint déi bestoend Strukturen ze féieren a sech stattdessen aktiv an d'Matgestaltung vun der Zukunft vun eiser Gemeng anzebréngen. D'Diere stinn dir op, et wier un der Zäit dës ze notzen.

**Fro 5 :**
Kommissiounen
Beim lësten Conseil hun ech vun dir gesot kritt, Marco Berme, ech soll konstruktiv matschaffen.
Ech wöll druns erënneren, dass ech mech an veschidden Kommissiounen gemellt hat, an ech sinn vun Ech all, solidaresch, ënner Nord-Korea Konditiounen, nët votéiert ginn.
Ech sin am Naturpakt an am Klimateam, wëll do nët votéiert

ginn ass. Ech hunn och keen Syndikat proposéiert kirtt, an ech hat der vill!
Ech fannen dass dat iis Matbierger dobaussen sollten wössen.
Ech stellen fest, dass méng 4 grouss Projeetën awer och null virun ginn.
Dat deet mir leed fir iis Gemeng!

**® Schäfferot :**
Et ass wierklech bemierkenswäert wéi schnell een d'Verantwortung op anerer dréecke kann, wann et engem net an de Krom passt. Wéi s du jo selwer oft betouns, gëllt d'Gesetz vun der Demokratie, dass een net automatesch an all Kommissioun gewielt gëtt, nëmme well een sech zur Verfügung stellt. Vlläit hätten d'Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot e wéineg méi Vertrauen an eng konstruktiv Zesummenaarbecht, wann s du dech tatsächlech bedeelege géings aplaz de ganzen Zäit nëmmen op vermeintlech Ongerechtegkeeten hinzeweisen. Wann ee permanent am gaangen ass déi Leit, déi um Rotsdesch setzen, ze beleidegen an ze diskriminéieren, esou wéi s du dat jo reegelméisseg mëss, da wier et ubruecht sech selwer emol d'Fro ze stellen, firwat des Leit engem seng Kandidatur net ënnerstëtzen. Wéi erwaart, notz du och dës Geleeënheet nees, fir deng perséinlech Siicht an de Vierdergrond ze stellen. Mir als Schäfferot hu keen Afloss drop wéi d'Gemengeréit fir d'Kommissiounen ofstëmmen. Dat ass d'Gesetz vun der Demokratie. Dovunner mol ofgesi bass du jo awer esouwuel am Naturpakt wéi am Klimateam dran, wat dach eng konstruktiv Mataarbecht erméigleche sollt. Dofir misst een natierlech och heiansdo an deene Versammlungen optauchen an deelhuelen. Am Naturpakt an am Klimapakt hues du dech nach keng Kéier beim Klimaschäffen oder Sekretär ofgemellt. Wat notzt et an enger Kommissioun ze sinn , wann een nach a kenger Versammlung do war?

Wat déi véier grouss Projeten ugeet; nëmme well de Fortschrëtt net dengem gewënschten Tempo entsprécht, esou heescht dat net, datt näischt passéiert! Mir setzen d'Projete léiwer fondéiert a konkret ëm, wéi se just um Pobeier stoen ze loossen. Mir sënn dobäi realistesch Projeten ze entwéckelen an, aneschters wéi an denger Amtszäit, befanne mir eis an der Phase vun der Ëmsetzung.

Zu de Retarde bäi der Schoul sief gesot, dass mir als kleng Gemeng keng 62 Milliounen-Projeten aus dem Hutt zaubere kënnen. Mir hunn de Planning méi realistesch gestalte misse fir en iwwerhaapt finanzéieren ze kënnen. Um Beispill vun der Schoul léisst et sech gesinn, datt mir trotz ufänglecher Retarden, endlech zu engem raisonnabelen Einvernehmen mat eisem Bureau d'Etudes komm sënn. Et freet dech bestëmmt ze héieren, dass mir déi Erausfuerderungen, fir net ze soe Mëscht, déi s du eis a punkto Schoul hannerlooss hues, am gaange sënn opzeschaffen.

**Fro 6 :**
Kommissioun Markting.
Nodeems ech jo t'Rapportën vun iisen Kommissiounen gefrot hat, hunn mir déi jo dann och alleguer kritt!
Ech hun mir en puer Unregungen vun der Marketing-Kommissioun eraus gepickt.
Eng Marketing-Kommissioun ass do, fir d'Attraktivitéit vun iiser Gemeng ze stäerken.

Ech stellen fest, dass och däss Kommissioun verschidden Aussoen huet die och ech schuns hervir bruecht hunn.
Den Buet mi dënn ze machen, et mussen nët 3 Fotoen vum Schäfferot dran sinn wou Beem gesat ginn!
- Zb: Beschreiwen vun iisen Veräiner mat Kontaktadressen
- éng Présentatoiun vun iisen Betrieber
- den avancement vun iisen Projeetën
- mir haten ugefangen mat dem Sammelen vun denen aalen Hausnimm, fir do Placken ob t'Haiser ze machen, wou sinn mir do drunn , entretemps?
- Éng App vun der Gemeng asw.

Ech hoffen dass dir dëser Kommissioun demnäxt éng Aentwert gidd!

Ech stellen fest, dass mir nach nie esou vill Kommissiounen haten wie bis elo, ech stellen awer och fest dass nach nie esou vill Sortien wären aus denen Kommissiounen.
Dëst sin Persounen die sech ferm engagéieren vis-à-vis vun hirer Gemeng, an Sie kréien vun ech nët die niddeg Aentwerten resp. Support.

Hätt jo och, am Conseil vum 13.05.25, haten mir alt nee, 2 démissiounen aus Kommissiounen.

**® Schäfferot :**
Et schéngt wéi wann deng Beobachtungsgabe sech nees zu Wuert meldet. Wat d'Marketingkommissioun betrëfft esou hu mir schonn eenzel Ureegungen opgegraff. De Fortschrëtt vun eise Projete gëtt scho reegelméisseg festgehalen a kommunizéiert. Wat de Projet mat den alen Hausnimm betrëfft, esou sammelt déi Kommissioun scho weiderhi fläisseg. Dass dëse Prozess Zäit brauch, sollt jidderengem kloer sënn. Schliisslech wuessen esou Projeten net wéi Champignonen aus dem Buedem. Eng App fir d'Gemeng ass am Planning. Awer och hei gëllt, mir setzen op Qualitéit a net op Vitess a wëlle keng hallefhäerzeg Léisungen.

D'Gemeng huet ëmmer een oppent Ouer fir d'Besoine vun de Kommissiounen an ënnerstëtzt si wou si nëmme kann. Allerdéngs läit déi läscht Entscheedung, wéi dir sécherlech bekannt ass, beim Schäfferot. All Kommissioun kritt eng Äntwert wann et un de Zeit ass, dat alldeeglecht Gemengegeschäfft geet awer nach vir. Wat d'Unzuel vun de Kommissioune betrëfft, esou kann ee sécherlech soen, datt mir aktuell vill Kommissiounen hunn, wat op eng staark Biergerbedeelegung hiweist. Datt net all Kommissiounen harmonesch zesummeschaffen ass bedauerlech an huele mir och ganz eescht.

D'Demissiounen aus de Kommissiounen erfollegen aus ënnerschiddlechste Grënn, déi leider och heiansdo intern Differenzen innerhalb vun enger Kommissioun widderspigelen, déi awer näischt mat der Aarbecht fir d'Gemeng ze dinn hunn. Es ass bedauerlech wann héich engagéiert Bierger, déi sech fir eis Gemeng asetzen, opgrond vun engem schlechten Aarbechtsklima an enger Kommissioun hier Motivatioun verléieren. Mir hu leider misste feststellen, datt vereenzelt Kommissiounsmemberen eng Kommissioun dozou benotze fir hir eegen Ziler an Interêten an de Vierdergrond ze stellen a manner den Interêt

vun der Allgemengheet. Et ass eis een Uleies, all Demissioun ze analyséieren a Verbesserungen unzestriewen, eng Tätegkeet, déi sécherlech och denger Beobachtungsgabe gefale wäert.
Als Gemengeconseillère hues du jo Asiicht an dës Bréiwer, déi jo offiziell Piècë sënn, a wann s du et verlaangs, da kënne mir dës Bréiwer och hei am Conseil präsentéieren.

**Schlusswuert vum Schäfferot:**
Zum Ofschloss wëlle mir festhalen, dass et eis wichteg ass an der Diskussioun ëm Saachen, déi eis Gemeng betreffe konstruktiv ze bleiwen. Mir hunn d'Froe gewëssenhaft beäntwert an hoffe Kloerheet an deene virgeluechte Punkte geschafen ze hunn.
Gläichzäiteg ass et bedauerlech an erschreckend, wéi s du an denge Froen ëmmer nees versichs, aneren d'Schold fir d'Erausfuerderunge mat deene mir konfrontéiert sënn, an d'Schong ze schieben. Wärend denger Amtszäit konnt ee widderhuelt d'Gefill un, datt deng Approche net ëmmer am beschten Interêt vun der Gemeng Konsdref war.

Obwuel mir dech scho méifach zu engem konstruktiven Dialog a respektvollen Ëmgaang opgefuerdert hunn, gesi mir eis enges Bessere beléiert. Däi Vergläich mat Nordkorea, deen s du gezunn hues, ass an eisen An genausou geschmacklos wéi deplacéiert.
Et wier méi konstruktiv, wa mir zukünfteg op enger méi sachlecher a kooperativer Basis schaffe kéinten, fir zesummen tragfäeg Léisunge fir eis Gemeng auszeschaffen. Mir géingen eis iwwert eng méi produktiv Zesummenaarbecht an der Zukunft freeën. D'Verantwortung fir d'Erausfuerderunge vun eiser Gemeng leie bäi eis allen a mir sollten zesummen dru schaffen, se zum Wuel aller Biergerinnen a Bierger ze bewältegen.

**Conseiller Urbing:**
**Fro 1 :**
De Conseiller Tommy Urbing mëscht op d'Situatioun op de Kierfechter an der Gemeng opmierksam a freet no engem méi intensiven Entretien. Hien werft d'Fro op iwwer d'Noutwendegkeet vun der Surveillance vun de CIGR Mataarbechter, déi duerch ee vun eise Gemengenaarbechter assuréiert ass, deen dee Moment als voll Aarbechtskraaft um Terrain feelt wou e gebraucht gëtt.

**® Schäfferot :**
De Schäfferot informéiert sech a beäntwert des Fro an der nächster Gemengerotssëtzung.

## Fin de la séance/*Ende der Sitzung*

09:45 heures/Uhr

*Remarque générale : Le présent rapport reproduit brièvement les décisions formelles prises par le conseil communal en sa séance du 13 mai 2025. Les indications susvisées sont données sans engagement et sous toutes réserves. En cas d'incohérence, d'erreur ou de divergence, seules les délibérations dûment signées par la majorité des membres du conseil communal font foi.*

*Consdorf, le 23 mai 2025* — *Le collège des bourgmestre et échevins*